# D'LSAP ënnerstëtzt d'Kandidatur vum Max Leners fir de Staatsrot

D'LSAP ënnersëtzt d'Kandidatur vum Max Leners fir Member vum Staatsrot ze ginn. Beim Vote am Generalrot vun der Partei gouf de Max Leners mat 84% vun de Stëmmen als éischte vun insgesamt 3 Kandidate gewielt.

De Max Leners (31) ass geléierte Jurist an Affekot a soll am Staatsrot de Christophe Schiltz ersetzen, dee mëttlerweil Ambassadeur zu Roum ass.

"Als LSAP si mir houfreg, mam Max Leners deene Jonken eng Stëmm am Staatsrot ze ginn. Als jonken Affekot mam Häerz op der richteger Plaz huet hien sech séier duerch seng juristesch Analysen am Logementsberäich an am administrative Recht en Numm gemaach. Hien ass e Kandidat, deen eng richteg Beräicherung fir de Staatsrot wier", sou d'Parteipresidente Francine Closener an Dan Biancalana nom Vote vum Generalrot.

De Generalrot vun der LSAP ass e Gremium, dat eng ronn 80 Leit aus Parteileedung, Kontrollkommissioun, Deputéiert a Buergermeeschter, souwéi Vertrieder aus den Ënnerorganisatiounen zesummebréngt fir iwwer d'Nominatioun oder d'Kandidatur vu Parteimemberen op institutionelle Posten ze decidéieren.

Matgedeelt den 5. November 2024